**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 3399 vum 8. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser**

1. **Kann d'Regierung déi Meldunge confirméieren, datt den Iran Uran esou héich uräichert, datt e kann zu enger Atomwaffeproduktioun benotzt ginn?**

Déi International Agence fir Atom-Energie (AIEA) huet confirméiert, datt den Iran ugefaangen huet a sengen ënnerierdeschen Installatiounen zu Fordow Uran bis op 20% unzeräicheren. Allgemeng ass den 20%-Uräicherungs-Niveau fir wëssenschaftlech Zwecker relevant. Fir d'Energieproduktioun geet ee vill méi nidderegen Niveau duer. Den Nuklearaccord mam Iran (JCPOA) gesäit duerfir eng Limitt vun 3,6% vir. Fir e nukleare Sprengkapp ze produzéiere wier en 90%-Uräicherungs-Niveau noutwenneg.

Wann d'Decisioun fir bis op 20% unzeräichere eng Violatioun vum JCPOA duerstellt an immens beonrouegend ass, esou ass en 20%-Uräicherungs-Niveau nach wäit ewech vum 90%-Uräicherungs-Niveau. Et ass och net gewosst ob den Iran haut iwwert déi technesch Moyen'en verfüügt, fir den Uran, deen op 20% ugeräichert ginn ass, uschléissend bis op 90% unzeräicheren. Bis elo hunn di iranesch Autoritéite keng Undeitunge ginn, datt si wéilte bis op den 90%-Uräicherungs-Niveau goen.

2. **Wa jo, wéi wëll d'Regierung dorop reagéieren, esou wuel am Kontext vun de bilaterale lëtzebuergesch-iranesche Relatiounen, wéi am Kontext vun der Europäescher Unioun an aneren internationale Foren?**

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Deklaratioun déi de Josep Borrell den 11. Januar 2021 am Numm vun der Europäescher Unioun an deem Zesummenhang gemaach huet. D'EU fuerdert domat di iranesch Autoritéiten an aller Kloerheet dozou op, de Schratt a Richtung Uräichere vum Uran bis op 20% direkt nees réckgängeg ze maachen, am Aklang mam JCPOA.

3. **Gesäit d'Regierung de Risiko vun enger Oprëschtung am Noen a Mëttleren Osten a vun enger weiderer Proliferatioun vun nukleare Waffen?**

Dee Risiko besteet. Lëtzebuerg bedeelegt sech duerfir aktiv un den internationalen Efforte fir nuklear Proliferatioun ze verhënneren, notamment am Kader vum Net-Verbreedungs Vertrag vun nukleare Waffen ("Treaty on the Non-Proliferation of Nuclear Weapons" - NPT). Op nationalem Niveau setzt Lëtzebuerg en Exportkontrollsystem em fir ze verhënneren dass sougenannten 'Dual-Use' Gidder fir Oprëschtungszwecker mëssbraucht ginn.

4. **Gesäit d'Regierung de Notze vun enger verstäerkter Rakéitenofwier fir den europäesche Kontinent? Wa jo, wëll si sech aktiv dofir asetzen?**

D'Rakéitenofwier vum europäesche Kontinent gëtt am Kader vun der NATO assuréiert. Dëse System gëtt reegelméisseg evaluéiert an ass adaptéiert un déi aktuell Menace.